N°1651
Entrée le 11.12.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 12.12.2024

LSAP

Här Claude Wiseler
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 11. Dezember 2024

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Kulturminister weiderzeleeden.

Den Här Kulturminister huet a senger Äntwert op eng parlamentaresch Fro bestätegt, datt bei rezenten archeologeschen Ausgruewungen net nëmme spéitréimesch Strukture fonnt goufen, mee och e spektakuläre Dépôt vun 141 réimesche Mënzen aus der zweeter Hallschent vum 4. Joerhonnert.

De Staat huet laut Minister dëse "Schatz" ofkaf, fir en ze valoriséieren a spéider der Ëffentlechkeet zougänglech ze maachen.

An deem Kontext wéilte mir dem Minister follgend Froe stellen:

- Wéi vill a wat fir vergläichbar Decouvertë goufen an deene lëschten 10 Joer bei archeologeschen Ausgruewungen zu Lëtzebuerg gemaach?
- Wéi vill vun dësen Objete sinn zu wat fir Konditiounen an de Staatsbesëtz iwwergaangen?
- Wéi vill vun dësem Objete sinn aktuell schonn fir d'Ëffentlechkeet zougänglech?

Mat déiwem Respekt

Mars Di Bartolomeo
Deputéierten

Franz Fayot
Deputéierten